AUTORITÉ DE LA CONCURRENCE
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG



# Schützt d'Integritéit vun Ärem digitalen Ëmfeld

Dësen Guide hëlleft Iech, Desinformatioun einfach ze erkennen an géint potenziell illegalen Inhalt wéi Haassrieden an Deepfakes virzegoen, andems Dir d'Hëllefsmëttel vum Digital Services Act (DSA) notzt. Den DSA verlpflicht zu Transparenz an Risikoreduktioun am Zesummenhang mat Desinformatiounskampagnen an hëlleft de Benotzer, falsch Informatiounen op grousse Online-Plattformen wéi Facebook an Instagram méi einfach z'identifizéieren.

Den DSA bitt de Benotzer Mëttel, fir illegalen Inhalt ze mellen, dat heescht, Inhalter, déi géint d'Gesetz verstoussen (z.B. illegal Haassrieden, Bedreeungen, extremisteschen an terroristesch gewalttätegen Inhalt, illegal Haassrieden, illegal diskriminatoreschen Inhalt, illegalt Deele vu private Biller ouni Zoustëmmung oder Online-Bullying).

An engem Kontext, an deem falsch Informatiounen an potenziell illegalen Inhalt séier verbreed ginn, besonnesch virun an während engem Walzäitraum, ass Är Fäegkeet, dës Inhalter z'identifizéieren an ze mellen, entscheedend. Ären Engagement hëlleft, d'Demokratie ze schützen an eng gesond ëffentlech Debatt ze förderen.

## Online-Inhalt: Wat dir maache kënnt, wann Dir Iech Suerge maacht

Et ass méiglech, dass Dir online op Inhalter online stousst, déi Iech net gefalen oder bei deenen Dir mengt, dass se net veröffentlecht sollte sinn. Dat bedeit net onbedéngt, datt dës Inhalter illegal sinn. Wann Dir Bedenken hutt, mellt et un d'Plattform, wou Dir et gesinn hutt.

D'Plattformen hunn d'gesetzlech Verpflichtung, hir eege Reegele festzeleeën, wat erlaabt ass. Si mussen, laut dem DSA, Reegele fir akzeptabel Inhalter opstellen an dës an hir allgemeng Geschäftsbedingungen oder Gemeinschaftsrichtlinnen ophuelen. Si mussen dës Reegele och duerchsetzen an Mëttelen bereetstellen, sou datt d'Benotzer Inhalter mellen kënnen, déi géint dës Reegele verstoussen.

## Desinformatioun: sidd opmierksam an informéiert Iech

**Desinformatioun erkennen**: Desinformatioun kann a Form vu falschen Noriichten, manipuléierten Biller oder irféierend Statistiken optrieden. Dës huet dacks d'Zil ze provozéieren, ze täuschen oder d'ëffentlech Meenung ze manipuléieren.

**Faktencheck**: Ier Dir eng Informatioun deelt oder drop reagéiert, huelt Iech d'Zäit fir se ze iwwerpréiwen. Kontrolléiert d'Quell an vergläicht se mat aneren Informatiounen. Benotzt Fact-Checking-Websäiten déi populär Behaaptungen analyséieren. Den DSA verpflicht Plattformen dozou, bekannt ze maachen, ween hannert enger Annonce stecht. Konsultéiert d'Register vun de Plattformen fir méi iwwert d'Informatiounscampagnen gewuer ze ginn. Grouss Plattformen wéi Facebook an X (virdru Twitter) mussen dës Register publizéieren an aktualiséieren.

**Direkt mellen**: Op soziale Netzwierker wéi Facebook, X an YouTube kënnt Dir Desinformatioun mellen. Wann Dir dubiéisen Inhalt fannt, benotzt d'Meldungsinstrumenter vun der Plattform. Gitt kloer un, firwat Dir mengt datt d'Informatioun falsch ass oder géint d'Regele vun der Plattform verstéisst a gitt Beweiser, wann méiglech. Grouss Plattformen hu Prozesser fir déi gemellten Inhalter ze iwwerpréiwen.

## Deep Fakes: Wéi erkennt een se a wéi mellt een se

**Wat ass een Deep Fake?** Deep Fakes sinn Videoen oder Audiodateien, déi mat kënschtlecher Intelligenz erstallt goufen, fir Leit Saachen soen oder maachen ze loossen, déi se ni gesot oder gemaach hunn. Si kënnen extrem realistesch an täuschend sinn.

**Wéi reagéieren?** Wann Dir mengt, datt e Video oder Audio een Deep Fake ass, iwwerpréift d'Quell an sicht no anere Quelle déi den Inhalt bestätegen oder dementéieren. Benotzt Erkennungsinstrumenter a mellt den Inhalt un d'Plattform an erkläert Ären Verdacht.

## Gidd géint illegal Inhalter vir

Wann Dir mat engem potentiell illegalen Inhalt online konfrontéiert sidd (wéi illegal Haassrieden, Bedreeungen, extremisteschen oder gewalttätegen Inhalt, diskriminatoreschen Inhalt), mellt en op der Plattform wou Dir en gesinn hutt.

**Inhalt mellen**: Benotzt d'Meldungsinstrument vun der Plattform. Den DSA verpflicht Plattformen dozou, et einfach ze maachen fir illegal Inhalter ze mellen.

**Aktioun vun der Plattform**: Wann den Inhalt illegal ass, muss d'Plattform séier handelen fir en ze deaktivéieren oder ze läschen.

**Notifikatioun an Appell:** D'Plattform muss Iech an engem raisonnabelen Délai iwwert hir Decisioun informéieren a muss Iech Informatiounen iwwert d'Méiglechkeete vun engem Appell ginn.

**Bei der BEE SECURE Stopline mellen**: Dir kënnt och potenziell illegal Inhalter wéi Rassismus, aner Formen vun Diskriminatioun an Haassrieden bei der BEE SECURE Stopline mellen.(https://stopline.bee-secure.lu).

## No Hëllef froen

Den europäeschen digitale Medienobservatoire (EDMO) schafft mat Fact-Checkern a ganzEuropa zesummen. Wann Dir op e verdächtegen Inhalt stéisst, kënnt Dir op hirer Plattform iwwerpréiwen ob en scho verifizéiert gouf oder Berodung iwwert d'Informatioun kréien.

BEE SECURE bitt de Berodungsdéngscht "BEE SECURE Helpline" fir all Froen betreffend déi bescht Praktiken fir Desinformatioun an Deep Fakes ze handhaben an esou Är perséinlech Informatiounen online besser ze sécheren. Dir kënnt méi Informatiounen iwwert d'Identifikatioun vu falschen Informatiounen op der Websäit vu BEE SECURE fannen.

Wann Dir Affer vun enger Strofdot sidd, kënnt Dir och d'Police Grand-Ducale kontaktéieren.

## Plainteprozedur bei der Konkurrenzautoritéit

**Decisioun vun der Plattform**: No der Meldung vun engem schiedlechen oder illegalen Inhalt muss d'Plattform Iech an engem raisonnable Délai iwwert hier Decisioun an d'Grënn fir dës Decisioun informéieren.

**Restriktioun vun Ärem Inhalt**: Wann d'Plattform den Zougang zu engem vun Ären Inhalter beschränkt (andems se en geläscht, desaktivéiert oder degradéiert hudd), muss se Iech informéieren.

**Appell:** Wann Dir net zefridden mat der Decisioun vun der Plattform iwwert een Inhalt den dir gemellt oder selwer gepost hudd, kënnt Dir géint dës Decisioun an Appell goen. Dës Prozedur muss op der Plattform einfach ze fannen sinn.

**Plainte bei der Konkurrenzautoritéit**: Wann Dir mengt, datt d'Plattform dës Etappen net respektéiert huet, kënnt Dir eng Plainte bei der Konkurrenzautoritéit vu Lëtzebuerg maachen. Dokumentéiert Är Interaktioune mat der Plattform a preparéiert all néideg Beweiser.

**Areechen vun ärer Plainte**: Reecht Är Plainte iwwer den offiziellen Online-Formulaire op der Websäit vun der Konkurrenzautoritéit, dem nationalen DSA-Koordinator, an. Erkläert kloer de Problem, Är Erfarung an Interaktioun mat der Plattform.

**Anonym Meldung**: Leit, déi am Kader vun hirer Aarbecht een Verstouss géint den DSA entdecken, kënnen anonym den sécheren Meldesystem vun der Konkurrenzautoritéit benotzen.

**Autorité de la Concurrence**

34-38, avenue de la Liberté
L-1930 Luxembourg

Tél. : (+352) 247-84728

dsa@concurrence.etat.lu

**Fir méi Informatioune:**

https://concurrence.public.lu/dsa